Rosa
Lëtzebuerg
60, rue des Romains
L-2444 Luxembourg

déi selwecht Rechter fir jiddwereen...
**...och fir eis!**

Lëtzebuerg, den 30. Mäerz 2012

# Pressekommuniqué

Die Vereinigung Rosa Lëtzebuerg, die sich für die Rechte von homo- und bisexuellen Menschen und gegen Diskriminierung der LGB-Community einsetzt, ist entsetzt über die Äußerungen, welche der neugewählte Parteipräsident der Alternativ Demokratischen Reformpartei, Fernand Kartheiser, am vergangenen Sonntag auf deren Nationalkongress gemacht hat.

> *„Ich bin es leid, oft traurig, in den Neuigkeiten immer nur von der erweiterten Liberalisierung der Abtreibung zu hören, ebenso wie von der Homosexuellen-Ehe. Dies sind im Augenblick die großen Themen der CSV: Prioritäten wie diese bringen dem Land jedoch kein einziges weitere Kind!“*

Diese Aussage zeigt den betroffenen Leuten, dass der neuen Parteispitze, welche mit überwältigender Mehrheit gewählt wurde, am Abbau von sozialen und gesellschaftlichen Ungleichbehandlungen nur in sofern gelegen ist, wie dies für das Land ein Zuwachs an Kinder bedeutet. Rosa Lëtzebuerg fragt sich indes, wie die Reformpartei nach ihrer politischen Neuaufstellung bzw. ihrer Neuorientierung mittlerweile zur Öffnung der Ehe für gleichgeschlechtliche Paare und zur Reform des Adoptionsgesetzes steht. Steht die *adr* noch hinter ihrem Grundsatzprogramm, in dem folgender, doch sehr LGBT-freundlicher Artikel, nachzulesen ist:

> *"Wir messen der Familie als **Keimzelle der Gesellschaft** eine hohe Bedeutung zu. Das Bild der Familie hat sich im Laufe der Zeit erheblich gewandelt. Für uns ist Familie eine, wie auch immer gestaltete Lebensgemeinschaft von Erwachsenen und Kindern. Starke Familien sind die unverzichtbare **Basis einer vitalen Gesellschaft**."*

Müsste diese sogenannte Homo-Ehe und ein LGBT-freundliche Adoptionsgesetzt nicht im Sinne der *adr* sein, da auf diesem Weg mehr Kinder ein glückliches und liebevolles Zuhause finden würden? Teilt die *adr* nicht die Meinung des *Deutschen Ärzteblattes*, das zum Fazit kommt, dass Kinder bei gleichgeschlechtlichen Paaren nicht schlechter aufwachsen, als bei heterosexuellen Paaren[1]?

Desweitern kritisieren wir aufs Schärfste die Äußerungen, die von den zwei Vizepräsidenten und dem Generalsekretär der *adrenalin, déi jonk adr*, in einem öffentlichen Internetbeitrag einer anderen luxemburgischen Partei gemacht wurden[2]. Diese, zum Teil stark rechtspopulistischen und LGBT-feindliche Äußerungen sind unserer Meinung nach für (Nachwuchs)Politiker unentschuldbar und zeugen von einem recht bedenklichen Gedankengut. Auch hier möchten wir von der Jugendpartei wissen, ob sie an ihrer Pressemitteilung aus dem Jahre 2009, die die Öffnung der Ehe forderte, immer noch festhält.

Wir fordern deswegen die Parteispitze der *adr* sowie den Nationalvorstand der *adrenalin, déi jonk adr* dazu auf, zu diesen Aussagen Stellung zu nehmen.

*d'Initiativ*
*…och fir eis!*

*de Conseil d’administration vu*
*Rosa Lëtzebuerg a.s.b.l.*

[1] http://www.aerzteblatt.de/archiv/66250
[2] http://www.facebook.com/PiratepartelLu/posts/330191837030206

Rosa Lëtzebuerg
60, rue des Romains
L-2444 Luxembourg

déi selwecht Rechter fir jiddwereen...
...och fir eis!

Lëtzebuerg, den 30. Mäerz 2012

# Pressekommuniqué

D'Associatioun *Rosa Lëtzebuerg*, déi sech fir d'Rechter vun homo- a bisexuelle Leit a géint d'Diskriminéierung vun der LGB-Communautéit asetzt, ass entsat iwwert d'Äusserungen, déi de neigewielte Parteipresident vun der *Alternativer Demokratescher Reformpartei*, Fernand Kartheiser, e Sonndeg op hirem Nationalkongress gemaach huet:

> *"Ech sinn et e bësse mitt, an dacks och traureg, fir an der Aktualitéit ëmmer nëmme vun der weiderer Liberaliséierung vun der Ofdreiwung ze héieren, a vum Homosexuellebestietnes. Dat si jo am Abléck déi grouss Theme vun der CSV: Mee d'Prioritéite wéi di do bréngen eisem Land kee eenzegt Kand méi."*

Dës Ausso weist de betraffene Leit, datt fir déi néi Parteispëtzt vun der *adr*, déi mat enger iwwerwältegender Majoritéit gewielt gouf, den Ofbau vun enger sozialer a gesellschaftlecher Ongläichbehandlung nëmmen dann ënnerstëtzenswert ass, wann dëst dem Land Kanner bréngt. *Rosa Lëtzebuerg* stellt sech an deem Kader d'Fro, wéi d'Reformpartei, déi sech mat enger neier Parteispëtzt nei ze orientéiere schéngt, respektiv sech schon nei positionéiert huet, mëttlerweil zum Bestietnes fir gläichgeschlechtlech Koppelen an zu der Adoptioun vu Kanner duerch déi selwecht steet. Steet d' *adr* nach hannert hirem eegene Grondsazprogramm, an deem folgenden, dach zimlech LGBT-frëndlechen, Artikel ze liesen ass:

> *"Wir messen der Familie als Keimzelle der Gesellschaft eine hohe Bedeutung zu. Das Bild der Familie hat sich im Laufe der Zeit erheblich gewandelt. Für uns ist Familie eine, wie auch immer gestaltete Lebensgemeinschaft von Erwachsenen und Kindern. Starke Familien sind die unverzichtbare Basis einer vitalen Gesellschaft."*

Misst et net am Intressi vun der *adr* sinn, wa méi Kanner e glécklecht Doheem fannen? Deelt d' *adr* net d'Meenung vum *Deutschen Ärzteblatt*, an deem den Auteur zur Konklusioun kënnt, datt Kanner bei gläichgeschlechtleche Koppelen net manner schlecht opwuessen, ewéi bei heterosexuelle Koppelen[3]?

Desweidere kritiséiere mir op d'Schäerfst d'Äusserungen , déi vun den zwee Vizepresidenten am dem Generalsekretär vun der *adrenalin, déi jonk adr* an engem sozialen Netzwierk op engem ëffentleche Bäitrag vun enger anerer Partei gemaach goufen[4]. Dës zum Deel staark rietspopulistesch an LGBT-feindlech Äusserunge si fir (Nowuess)Politiker onentschëldbar a weisen op en äusserst bedenklecht Gedankegutt hin. Och hei wëlle mer d'Jugendpartei froen, op si nach hannert hierer Positioun stinn, fir d'Bestietnes fir gläichgeschlechtlech Koppelen opzemaachen, déi se an engem Pressekommuniqué am Joer 2009 gefuerdert hunn.

Mir fuerderen dowéinst d'Parteispëtzt vun der *adr* esou wei de Virstand vun der *adrenalin, déi jonk adr* op, zu dësen Aussoe Stellung ze huelen.

*d'Initiativ*
*...och fir eis!*

*de Conseil d'administration vu*
*Rosa Lëtzebuerg a.s.b.l.*

[3] http://www.aerzteblatt.de/archiv/66250
[4] http://www.facebook.com/PiratepparteiLu/posts/330191837030206